N°7894
Entrée le 16.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Baussen- an Europaminister Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n° 7894, déposéiert den 17. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser (ADR)**

D'Regierung huet keng weider Kenntnisser zum Fall vum Journalist Pablo Gonzalez, déi géifen iwwer d'Rapporte vun der Press erausgoen, an gesäit sech dowéinst net an der Positioun dëse lafende Prozess ze kommentéieren.

D'Regierung erlaabt sech awer an dësem Kader ob hier kontinuéierlech Efforte fir Rechtsstaatlechkeet an der Welt hinzeweisen. Virun allem ob EU Niveau hellt Lëtzebuerg d'Situatioun vum Rechtsstaat genau ënnert Lupp an intervenéiert regelméisseg, zesumme mat eise Partner, a Fäll wou et zu Verstéiss géint Rechtsstaatlechkeet kennt.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn